JANUAR 2016

DE GRÉNGE BUET

déi gréng

DÉI GRÉNG AUS DEM UELZECHTDALL

> **ZESUMMEN AM UELZECHTDALL**

CRISE DES MIGRANTS, KLIMAPAKT, MÜLLENTSORGUNG, ENG STAD A BEWEGUNG!

EIS LEIT AN DE GEMENGERÉIT, INVITATIOUN NEIJOOSCHPATT 2016

INVITATIOUN NEIJOOSCHPATT

SONNDEG, DEN 17. JANUAR 2016 ZU WALFER. MÉI INFO OP DER RÉCKSÄIT. >

EDITORIAL

ZESUMMEN AM UELZECHTDALL

An de 5 Gemenge vum Uelzechtdall wunnen haut bal 30.000 Leit. All Gemeng, souguer all Uertschaft am Uelzechtdall huet natierlech hir eege Geschicht a hir speziell Besoinen, mä si hunn och eng ganz Rei gemeinsam Interessien. D'Konventioun Uelzechtdall bitt e Kader, wou déi politesch Responsabel aus dëse Gemengen zesummen diskutéieren an zesumme schaffen. (cf: http://www.uelzechtdall.lu)

Mir fannen et gutt, datt et esou eng Zesummenaarbecht gëtt. Mir gingen eis allerdings wënschen, et ging ee méi iwwer d'Agenda vun dëser Zesummenaarbecht gewuer ginn... Wéi steet et z.B. ëm dat gemeinsamt Mobilitéitskonzept fir den Uelzechtdall? Den 23. September 2015 ass d'Nordstrooss offiziell ageweit ginn. Domat dierft et dann och un der Zäit sinn d'Diskussiounen iwwert de Präis an déi laang Bauzäit den Historiker z'iwwerloossen a resolut an d'Zukunft ze kucken. Fir datt mer och nach an e puer Joer eppes vun der Entlaaschtung vum Verkéier am Uelzechtdall spieren, musse mer elo massiv an den ëffentlechen Transport investéieren an d'RN 7 méi attraktiv fir d'Awunner a manner attraktiv fir den Duerchgangsverkéier maachen.

Op enger Informatiounsversammlung vum Mouvement écologique, de 27. Oktober 2015 zu Steesel, hat de Minister François Bausch gemengt, datt all d'Gemengen aus dem Uelzechtdall missten zesummeschaffen, fir datt

déi aktuell Verkéiersentlaaschtung laangfristeg erhale bleift. Mir deelen dës Astellung vun eisem Minister a freeën eis op déi éischt konkret Propositiounen.

Et gëtt nach eng ganz Rei Sujeten zu deenen et sech lount méi enk zesummen ze schaffen, z.B. d'Offallpolitik an deene 5 Uelzechtdall-Gemengen. Déi 5 Gemengen si net all am selwechten Offallsyndikat, mä et ass awer erstaunlech, wéi verschidden d'Angebot vun der Müllentsuergung an deene verschiddene Gemengen ass! (Säit 6)

Wéi wäit et eng systematesch gemeinsam Approche vun deene 5 Gemengen am Beräich vun der Entwécklung an der Landesplanung, engem Kärsteck vun der Konventioun, gëtt, doriwwer kënne mer just spekuléieren. Kréie mer eng Kéier eng gemeinsam Aktivitéitszone fir dës 5 Gemengen?

Erstaunlech och, wéi ënnerschiddlech den Apport vun deene verschiddene Gemengen am Ëmgang mat der Flüchtlingskris ass. (Säit 4). Och dat ass en Dossier, bei deem mer déi beschte Resultater kréien, wa mer all solidaresch sinn, och a besonnesch an der Regioun.

Claude Adam, Deputéierten &
President vun déi gréng Regional Uelzechtdall

CRISE DES MIGRANTS
SOLIDARITÉ INTERNATIONALE ET RÉGIONALE



Pays d'origine ou de provenance des personnes ayant demandé une protection internationale en 2015 au Luxembourg (Etat: 30 novembre)

Le nombre des demandes de protection internationale est en augmentation – au Luxembourg comme un peu partout en Europe. Au Luxembourg, jusqu'en 2014, la plupart des demandeurs venaient des pays des Balkans (Kosovo, Albanie, Montenegro, Bosnie-Herzegovine…). Actuellement, la plupart des réfugiés est originaire de la Syrie ou de l'Iraq. Ils fuient les mêmes criminels, les mêmes armes qui sèment la terreur jusque dans les capitales européennes. Une partie des armes étant actuellement aux mains du groupe qui se fait appeler État islamique proviennent de transferts irresponsables d'armes vers l'Iraq, aussi par des États européens. Une raison de plus pour tous les États européens d'être attentifs aux droits des réfugiés fuyant des conflits violents.

Dans le passé, un grand nombre de demandeurs se sont vus refuser le statut de protection internationale. Comme actuellement la majorité des réfugiés vient de zones de guerre, il est probable que le nombre de décisions positives augmentera. Il nous faut à la fois des structures d'accueil et des logements à moyen et long terme pour réussir l'intégration des réfugiés chez nous.

Le gouvernement luxembourgeois s'est engagé avec succès à garantir un accueil bien organisé et structuré aux réfugiés arrivant au Luxembourg. La solidarité et le soutien de ces efforts par les communes et les habitants sont les garants que la situation reste gérable.

A Mersch, le gouvernement a logé une trentaine de demandeurs de protection internationale dans des logements en container. La gestion de cette structure d'accueil a été confiée à l'ASTI, grâce à une convention entre l'OLAI et l'ASTI. Le projet pilote ainsi lancé à Mersch devrait permettre à des personnes privées de porter leur aide aux réfugiés selon leurs moyens.

A Mersch encore, il existe aussi une structure d'accueil pour une trentaine de personnes dont le statut de réfugié a été reconnu. Toutes les autres communes de la Vallée de l'Alzette ont mis une ou deux maisons à disposition de réfugiés reconnus. Ces communes n'ont pas de structures d'accueil pour des demandeurs de protection internationale.

Claude Adam

KLIMAPAKT
KLIMASCHUTZ HAT VIELE FACETTEN

Klimaschutz beginnt bei jedem Einzelnen von uns. Wir müssen lernen in unserem Alltag bewusster und vor allem nachhaltiger mit unseren Ressourcen umzugehen. **Wir sind die erste Generation, die den Klimawandel spürt und die letzte, die den Klimawandel aufhalten kann!**

Klimaschutz hat viele Facetten; wir alle können in unserem Alltag zu Klimahelden werden indem wir z.B :

- regionale Lebensmittel und Bioprodukte kaufen
- weniger Fleisch essen
- den öffentlichen Transport bevorzugen
- kurze Strecken zu Fuß oder mit dem Fahrrad zurücklegen
- Strom und Wasser sparen
- keine Pestizide benutzen
- auf unnötige Verpackungen verzichten
- Wertstoffe wiederverwerten

CO2 vermeiden hilft nicht nur dem Klima, sondern schont auch den Geldbeutel.

Jedoch haben auch die Gemeinden ihre Verantwortung zu tragen. Die Uelzechtdall Gemeinden haben alle den Klimapakt unterschrieben. Durch den Beitritt einer Gemeinde zum Klimapakt verpflichtet sich diese, das Qualitätsmanagementsystem EEA (European Energy Award®) umzusetzen und ein Energiebuchhaltungssystem aufzubauen. Im Gegenzug bekommt die Gemeinde technische sowie finanzielle Unterstützung von Seiten des Staates. Je schneller eine Gemeinde Klimaschutzmaßnahmen umsetzt, desto früher gelangt sie in den Genuss von staatlichen Geldern.

Bisher haben leider nur drei der Uelzechtdall Gemeinden eine Auszeichnung erhalten: Lorentzweiler hat 50% umgesetzt und wurde mit dem EEA Silver Award ausgezeichnet, Lintgen und Walferdingen haben 40% umgesetzt und haben somit den EEA Bronze Award erhalten.

déi gréng fordern die Uelzechtdall Gemeinden auf

- sich gegenseitig auszutauschen
- die Bürger verstärkt mit einzubinden
- nicht weiter in fossile Energien zu investieren
- auf LED Beleuchtung zu wechseln
- die bestehenden Gebäude energetisch zu sanieren
- nachhaltige Workshops zu organisieren
- (Energie)kooperativen sowie die Transition Bewegung zu unterstützen

Carole Ney & Chris Seil

ABFALLVERWERTUNG IM UELZECHTDALL

(K)EIN GEMEINSAMES KONZEPT !?

Man könnte denken, wo 5 Gemeinden in der Konvention Uelzechtdall zusammenarbeiten, könnte es ein Leichtes sein, ein gemeinsames Abfallkonzept zu erarbeiten. Davon ist man jedoch weit entfernt !

Je nach Gemeindezuhörigkeit gibt es eine Glassammlung oder auch keine, auch bei der Restmüllsammlung gibt es große Unterschiede, was die minimale Tonnengröße und damit auch die Gebühren angeht. Richtig kunterbunt wird es bei den organischen Abfällen : je nach Gemeinde wird Grünschnitt, Heckenschnitt oder organischer Hausmüll eingesammelt oder im Recyclingcenter angenommen.

Dieses Durcheinander an Abfallentsorgungs- und Recyclingstrategien der Gemeinden weist auf, wie weit enfernt die Gemeinden von einer gemeinsamen Abfallpolitik sind.

déi gréng schlagen vor, ein gemeinsames Abfallentsorgungskonzept für alle Uelzechtdall-Gemeinden zu erarbeiten, mit zentral gelegenen Recyclingzentren, zugänglich für alle Bürger, den gleichen Abholsystemen und Tonnengrößen, sowie den gleichen Tarifen.

Liz Paulus

	Walferdingen	Steinsel	Lorentzweiler	Lintgen	Mersch
Papier	gratis Sammlung 1x/Monat				
PMG - Valorlux	gratis Sammlung alle 2 Wochen				
Glas	Sammlung alle 2 Wochen	Sammlung 1x/Monat	kein Abholsystem Glascontainer in der Gemeinde	kein Abholsystem Glascontainer in der Gemeinde	kein Abholsystem Glascontainer in der Gemeinde
Sperrmüll	auf Anfrage kostenlos	auf Anfrage 25€/m3	auf Anfrage 0,35€/kg	auf Anfrage 0,35€/kg	auf Anfrage 0,35€/kg
Restmüll	1x/Woche Tarife je nach Tonnengröße	1x/Woche Tarife je nach Tonnengröße	alle 2 Wochen Tarife je nach Tonnengröße	1x/Woche Tarife je nach Tonnengröße	1x/Woche Tarife je nach Tonnengröße
Recyclingcenter	Walfer Keine Gebühren	Steesel teilweise Gebühren	SIDEC Miersch teilweise Gebühren	SIDEC Miersch teilweise Gebühren	SIDEC Miersch teilweise Gebühren
Organischer Abfall	**Organischer Hausmüll** Annahme im Recyclingcenter **Gartenabfälle** Sammlung 1x/Woche (März-Nov.) alle 3 Wochen (Dez.-Feb.)	**Organischer Hausmüll** Annahme im Recyclingcenter **Heckenschnitt** Sammlung alle 2 Wochen **Grasschnitt** abgeholt 1x/Woche (April-Nov.)	**Organische Abfälle** (auch Küchenabfälle) Sammlung alle 2 Wochen (Nov.-März) 1x/Woche (Mai-Okt.) **Heckenschnitt & Grasschnitt** Sammelstelle Angelsberg und Recyclingcenter	**Heckenschnitt & Grasschnitt** Sammelstelle Angelsberg und Recyclingcenter	**Heckenschnitt & Grasschnitt** Sammelstelle Angelsberg und Recyclingcenter

ENG STAD A BEWEGUNG!
ENG STAD A BEWEGUNG?

Wann ee vun der Stad a Miersch erafiert, spréngt se engem direkt an d'Aen: di nei knallrout a -blo Hängebréck déi d'Leit an Zukunft wäert zu Miersch wëllkomm heeschen. Hir Konstruktioun war méi wéi iwwerfälleg well déi al dem Verkéier net méi all ze laang wärt standhalen.

An och soss ginn et ëmgesaten oder och geplangten Projeten, déi di gréng Miersch begréissen:

- d'Moossnamen an der rue de Colmar-Berg, déi op Initiativ vun déi gréng op zwou Spueren reduzéiert gouf
- de Projet, fir op der Mierscher Gare nei Parkingsméiglechkeete fir d'Pendler ze schafen
- d'Bebauung vun de fréiere Silosanlagen
- d'Iwwerbréckung vun der Eech als Verbindung tëscht der Areler an der Haaptstrooss an zur Entlaaschtung vun der Stäreplaz
- d'Ëmgestaltung vum Mierscher Zentrum
- d'Notzung vu Baulücken fir de soziale Wunnengsbau
- oder och d'Planung vun enger Erweiderung vun der Grondschoul

Alles laangfristeg Projeten, déi d'Entwécklung vun der Mierscher Gemeng wäerte weiderdreiwen. An awer stelle sech weiderhin eng Rei Froen: Missten net elo scho Moossnahmen ergraff ginn - ëmmer am Hibléck op d'Realisatioun vun deene Projeten - déi méi kuerz- oder mëttelfristeg Verbesserunge mat sech bréngen, Wéi eng Begleetëmstänn musse mat berücksichtegt ginn? Wou kommen nei Elementer mat bäi, déi mussen ageplangt ginn?

Hei e puer konkret Beispiller:

- Wéi steet et mat Verbesserungen am ëffentlechen Transport wéi z.B. dem Flexibus? Kéinten net di noleiend Dierfer besser un de Knuetpunkt Mierscher Gare ugebonne gi fir datt d'Leit guer net brauche mat hirem Auto op d'Gare ze fueren?
- Iwwerleeënswäert wier och d'Aféiere vun engem Vëlosverleih.
- Wéi wier et mat engem Parking résidentiel fir d'Liewensqualitéit an de Wunnquartiere rondrëm vill ugefueren Zentren ze verbesseren?
- Wier d'Aféierung vun enger Zone-30 am Zentrum net ubruecht en vu vum Shared Space Projet, e Konzept, dat jo mëttlerweil a villen Uelzechtdallgemengen op oppen Ouere stéisst?
- Am Moment soll d'Ecole fondamentale am Zentrum ausgebaut ginn: Firwat net e Site op der anerer Säit vun der Uelzecht siche fir en drëtt Grondschoulsgebaï ze erriichten: de Wee vun de Kanner an d'Schoul an de Verkéier zu Spëtzenzäiten an der Haaptstrooss géife reduzéiert ginn.
- D'Fro nom soziale Wunnengsbau an der Mierscher Gemeng war scho virun der Flüchtlingskris akut a stellt sech elo trotz dem Baulückeprojet mat aller Dréngleichkeet.

Miersch beweegt sech graff gesinn an di richteg Richtung awer et stellen sech dach eng ganz Rei Froen zur Ëmsetzung vun deenen Ziler, wou munch mol e kloert Konzept ze wënschen iwwreg léisst oder feelt.

Lis Mossong

WALFER

FRËSCHE WAND AM WALFER GEMENGEROT

Säit kuerzem wunnen ech mat menger Famill an der Gemeng Steesel, dofir hunn ech, no ronn 10 Joer, aus dem Walfer Gemengerot demissionéiert. Et war fir mech eng Zäit mat méi a manner positive Momenter.

Zu den Dauerbrenner an deenen 10 Joer hu fir mech gezielt :

- d'Konventioun Uelzechtdall, wou an där ganzer Zäit net vill geschitt ass, a wou et net kloer ass, ob se nach verlängert gëtt
- d'Pidal, där hiren Ausbau net zu der versprachener Sanéierung vun de Finanze gefëiert huet, ganz am Géigendeel
- de PAG vun der Gemeng Walfer, dee säit Joeren op der Plaz trëppelt
- di geplangten Unterführung vun der Eisebunn bei der rue Prince Henri, en CFL-Projet, deen et nach net an de Gemengerot gepackt huet.

Aner Dauerbrenner fir déi gréng Walfer, awer leider net fir de Schäfferot, wou net vill op eis Ufroe reagéiert gouf, waren z.B :

- Wunnenge fir sozial méi schlecht gestallte Leit, respektiv fir Réfugiés : op deem Plang ass d'Gemeng Walfer leider net aktiv
- d'Walfer Drénkwaasserquellen am Gréngewald, déi säit Joer an Dag net méi genotzt ginn

Eppes, wat mer ëmmer méi Suerge gemaach huet, war e Mangel un Demokratie a Partizipatioun vun de Bierger. Berodend Kommissioune koumen net vill zesummen, Informatiounen un de Gemengerot goungen net ëmmer weider, et hat een oft d'Impressioun, déifgräifend Diskussiounen am Gemengerot waren net erwënscht .

Fir d'Zukunft wënschen ech der Gemeng Walfer :

- e bësse méi Innovatiounsgeescht an net ëmmer d'Angscht, virun de Won ze sprangen ;
- eng Verkéiersberouegung am Kär vun der Uertschaft mat liewenswäerte Plaze fir Fouss-gänger a Vëlosfuerer ;
- Konzepter an Iddien, wéi d'Gemeng sech soll mëttelfristeg entwéckelen, mat der Participatioun vun de Bierger an an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass meng Nofolgerin, d'Danielle Van Acker, frësche Wand an de Walfer Gemengerot abréngt mat senge villen Iddien an Idealer. Merci him an all deenen, déi mech iwwert all di Joeren ënnerstëtzt hunn, besonnesch di ganz dynamesch Ekipp vun déi gréng Walfer.

Ech si gespaant wat mäin « neit » Liewen an der Gemeng Steesel wärt bréngen a free mech elo schonns drop, mech zesumme mat déi gréng Steesel fir eng liewenswäert, nohalteg Gemeng Steesel ze engagéieren.

Liz Paulus

WORKING TOGETHER FOR A GREENER FUTURE

Fir d'éischt emol e grousse Merci un d'Wielerinnen an d'Wieler fir hiert Vertrauen. Ech wäert mäi Bescht man fir meng Aufgab ze erfëllen.

E ganz grousse Merci och un d'Liz Paulus fir säi virbildlechen Asaz an Engagement fir déi gréng an fir d'Gemeng Walfer.

Depuis 2011, je suis membre de la Commission consultative d'intégration, des Commissions du développement durable et de la qualité de vie ainsi que du développement économique.

Je me réjouis de vivre dans une commune sans pesticides, une commune qui est membre de l'Alliance de Climat et signataire du "pacte climat".

C'est avec une certaine satisfaction que j'ai pu lire que l'Administration communale a enfin décidé de miser sur l'énergie solaire en installant des panneaux photovoltaïques sur la toiture de l'école de Walferdange (une revendication de Déi Gréng Walferdange). Vu le grand intérêt des habitants aux inscriptions pour des panneaux photovoltaïques en octobre, le projet sera élargi pour inclure d'autres bâtiments communaux.

Je voudrais m'engager pour une organisation plus écologique des fêtes et des manifestations de la Commune, notamment en ce qui concerne la gestion des déchets ou encore l'utilisation de produits biologiques et/ou de produits régionaux. Tous les achats de la Commune devraient respecter les critères écologiques.

De même, une meilleure information et sensibilisation des habitantes et habitants de la Commune est essentielle afin de progresser tous ensemble vers un futur plus sain, plus vivable et plus vert. Je voudrais y apporter ma contribution et toute mon énergie.

Ich freue mich schon auf eine konstruktive Zusammenarbeit im Sinne unserer Gemeinde und für eine grüne Zukunft.

Danielle Van Acker

Liz Paulus & Danielle Van Acker

D'Liz Paulus gëtt, no 10 Joer am Gemengerot, säi Mandat of. déi gréng Walfer soe Merci. D'Danielle Van Acker réckelt no.

MIERSCH

CHANGEMENTER AM MIERSCHER GEMENGEROT

De Charel Bemtgen hält op am Gemengerot

1993 ass fir d'éischte Kéier eng gréng Lëscht zu Miersch bei de Gemengewahlen ugetrueden. Zu där Zäit goufen et zwou gréng Parteien zu Lëtzebuerg: Glei (Gréng Lëscht Ekologesch Initiativ) an GAP (Gréng Alternativ Partei). Mir waren zu Miersch der Zäit e bësse viraus a sinn direkt als déi gréng ugetrueden.

De Charel Bemtgen war den éischte Vertrieder vun déi gréng am Mierscher Gemengerot. Do huet hien sech eng éischt Legislaturperiod misste ganz alleng als Gréngen niewent deenen traditionelle Parteie behaapten. Hien huet och derzou bäigedroen, datt mir no de Wahle vun 1999, konnten an eng Majoritéit erakommen. Bei de Wahle vun 2005 an 2011 konnten déi gréng zwar hiert Wahlresultat all Kéiers verbesseren, mee fir an d'Majoritéit sollt et net duergoen. De Charel war all déi Zäit ee ganz zouverlässegen a loyale Conseiller. Datt hien elo, no 22 Joer Gemengepolitik sech méi Zäit fir Famill a Beruff wëll huelen a säi Mandat un den Nächstgewielten ofgëtt, ass verständlech.

Déi gréng Miersch soen him villmools Merci fir déi laang an engagéiert Mataarbecht am Gemengerot an ziele weider op hien als aktive Member.

De Guy Weiler réckelt an de Gemengerot no

De Guy Weiler vu Biereng réckelt no an de Gemengerot. De Guy ass professeur-ingénieur am Lycée Technique des Arts et Métiers. Seng Interessen gëlle virun allem dem Klimaschutz, den erneierbaren Energien an der mobilité douce. De Guy hat an der Period wou déi gréng an der Majoritéit waren als President vun der Ëmweltkommissioun esou wichteg Projete wéi d'Memberschaft am Klimabündnis an am Naturschutzsyndikat Sicona initiéiert, hien huet sech schonn déi Zäit dofir agesat, datt d'Mierscher Gemeng een Energieberoder sollt kréien.

Och an der Schoul setzt hien sech säit méi wéi 25 Joer fir Solarenergie a Klimaschutz an (Projeten Solarmobil 92, dem Solarlabo 2000 oder CO2 am Carré).

De Guy wëll sech am Gemengerot konsequent fir d'Interesse vun de Foussgänger, Vëlofuerer an d'Benotzer vum Ëffentlechen Transport asetzen. Hie wärt och drop halen, datt d'Gemeng Miersch hier Verflichtungen déi se am Klimapakt agaangen ass, erfëllt. Déi gréng Miersch wënschen dem Guy vill Ausdauer an Energie fir seng nei Aufgab am Mierscher Gemengerot.

Charel Bemtgen

Guy Weiler

De Charel Bemtgen gëtt, no 22 Joer ouni Paus am Gemengerot, säi Mandat of. déi gréng Miersch soe Merci. De Guy Weiler vu Biereng réckelt no.

EIS LEIT AN DE GEMENGERÉIT

JO BRANDENBURGER

TOM GRAAS

MIERSCH

> Kontakt
Lis Mossong
Tel. : 26 32 08 83
miersch@greng.lu
www.greng.lu/miersch

MARIETTE WEILER ÉP, WEYRICH

GUY WEILER

CLAUDE JEGEN

CAROLE NEY

LUERENZWEILER

> Kontakt
Carole Ney
Tel. : 621 499 115
carole.ney@education.lu
www.greng.lu/luerenzweiler

GUY URBANY

DANIELLE VAN ACKER

WALFER

> Kontakt
Guy Urbany
Tel. : 691 335 460
walfer@greng.lu
www.greng.lu/walfer

D'LOKALSEKTIOUN STEESEL

RITA NEU

LIZ PAULUS

STEESEL

> Kontakt
Rita Neu
Tel. : 621 37 00 40
ritaneu@hotmail.de
www.greng.lu/steesel

DÉI GRÉNG AUS DEM UELZECHTDALL

WËNSCHEN IECH E SCHÉINT NEIT JOER

DÉI GRÉNG DE LA VALLÉE DE L'ALZETTE VOUS SOUHAITENT UNE TRÈS BONNE ANNÉE 2016

E SCHÉINT NEIT JOER

HAPPY NEW YEAR

BONNE ANNEE

UM FELIZ ANO NOVO

2016

INVITATIOUN

**déi gréng Uelzechtdall invitéieren lech op hiren Neijooschpatt,
de Sonndeg 17. Januar 2016 um 11:00 Auer
an der Maison Dufaing / Place des Martyrs zu Walfer.**

Musikalesch Begleedung vun de "MillerMoaler".

Christian Kmiotek | Françoise Folmer | Carole Dieschbourg

Special Guests:

- **Carole Dieschbourg, Emweltministesch**
- **Christian Kmiotek, Parteipresident**
- **Françoise Folmer, Parteipresidentin**

Déi lëtzebuergesch Folkgrupp, déi den "Al-Eechternoacher" Numm vum Päiperlek dréit, besteet schonn zanter 1977 a verschiddene Besetzungen.

Am Folk-Duo MillerMoaler, den zënter 2009 besteet, musizéiert de **Gérard Bintener** - vun Ufank un mat derbäi, op sengem Haaptinstrument der Gittar, a senger onverkennbarer Stëmm a Präsenz op der Bühn. Nieft him de **Jos Pletschet** mat senger Mandolin dee fir déi him ganz eegen musikalesch Ënnermolung suergt, fir de Sänger ze begleeden.

déi gréng - 2015 - Imprimé sur papier recyclé

Mir sinn op fir all Leit, déi sech wëlle fir eng nohalteg, gréng Politik engagéieren a matschaffen.

GRENG.LU/MIERSCH GRENG.LU/LUERENZWEILER GRENG.LU/WALFER GRENG.LU/STEESEL